



minatiounsmotiver an de Projet mat eranze-huelen. D'autant plus, dass déi Motiver dann natierlech och nees am Detail mussen analyséiert ginn. Mä wéi gesot, am Code pénal, do stinn och Limitten dran.

Da war d'Fro iwwert de Statut vum Personal gestallt ginn. D'Personal vun deenen aneren Institutiounen, déi un d'Chamber rattachéiert sinn, huet meeschtens e Statut, dee spezifesch ass a vum Statut du fonctionnaire oder anere Regimenter op enger Rei vu Punkten ofwäicht. Déi verschidde Regimenter werfen oft juristeschen Froen op. Hei ass dann decidéiert ginn, fir d'Personal an engem bekannte Regimenter ze looschen, nämlech deem vum Employé de l'État, och fir esou Froen dee Moment ze evitéieren.

Dann zu der Natur vun den Enquêtes oder den Analysen. D'Regierung huet emol fir d'Éischt eben déi Direktiv an déi Dispositiounen, déi do nach érmesetze waren, tel quel esou, wéi et an der Direktiv steet, an de Gesetzestext iwwert de CET geschriwwen. Et ass awer evident, dass de CET Enquête ka maachen, déi sech dann am Kader vun der Direktiv natierlech och bewegen. Den Text seet jo, wat den Objet vun deenen Enquête soll sinn: ebe fir ze kucken, wat fir eng Hürden oder Restriktiounen dass eventuell bestinn, déi d'Rechter vun den EU-Bierger opgrond vun hirer Nationalitéit eben aschränken.

Voilà, ech mengen, ech hunn e bësselchen den Tour gemaach vun de Froen, déi nach hei gestallt gi sinn. An ech wär natierlech ganz frou, wann deen Text hei haut kéint gestëmmt ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir géifen zum Vott iwwert de Projet de loi 7102 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7102 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vott ass eriwuer.

Mir hunn 34-mol Jo, 3-mol Neen an 23 Abstentiounen. Domat wär de Projet ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepke, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

An ech stellen d'Fro, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ufroen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6995 iwwert d'Schafe vun der „Opferambulanz“ oder Afferambulanz op Lëtzebuergesch. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

4. 6995 - Projet de loi portant modification de la loi du 7 août 2012 portant création de l'établissement public «Laboratoire national de santé»

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Häuslecher Gewalt, Dir Dammen an Dir Hären, ass weder eng Privatsaach nach e Kavaliersdelikt. Si ass e kriminellen Akt an eng Verletzung vun de Mënschenrechter. Mat dësem Projet de loi schafe mer eng wichteg Ulafstell, fir d'Rechter vun den Affer vun dëser Zort vu Gewalt ze stäerken. An

där Affer ginn et der méi wéi genuch! Dozou just e puer Zuelen.

An der Moyenne ginn et zu Lëtzebuerg 675 Fäll am Joer, wou d'Police weinst häuslecher Gewalt alarméiert gëtt. Bal 300 Fäll am Joer waren 2016 mat der Wegweisung verbonnen, dat heescht, den Täter ass fir eng Dauer vun zwou Woche bis zu dräi Méint aus der Wunneng vum Affer ecartéiert ginn an huet kee Kontakt zum Affer méi dierfen ophuelen.

Am Joer 2016 waren 12% vun den Affer mannerjäreg. Dat ware ganzer 146 Kanner a jonk Leit. 40% vun den Affer waren tëschent 25 a 50 Joer al a stellen de Gros vun den Affer duer. An 116 Fäll koum et zu der Verurteilung vun Täter. Dat heescht an anere Wieder, datt net méi wéi 17% vun den offiziell erfaassten Täter verurteilt gi sinn. Fir all déi aner Täter huet d'Gewalt géint de Partner keng gréisser Konsequenz gehat. Dat heescht, 83% vun hinne si praktesch ongeschuer dovukomm. Déi Zuele ginn ze denken! Se sinn am Rapport vun 2016 iwwert d'Violence domestique ze fannen.

Eng Zuel, déi a kengem Rapport ze fannen ass, ass awer déi, déi d'Donkelziffer beschreift. Déi Ziffer ass ganz einfach net erfaassbar. Se verstoppt sech hannert deenen offiziellen Zuelen. Dobäi handelt et sech ëm all déi Fäll vun häuslecher Gewalt, déi zu Lëtzebuerg ënnert den Dësch gekiert ginn, well vill Affer sech net trauen, de Mond opzedinn a géint den Täter virzegoen. Dobäi muss ee wëssen, datt dës Zort vu Gewalt meeschtens keen eemolegt Erlefnis ass. No der éischter Kéier trëtt se erwiernermosse regelméisseg op a verschlëmmt sech mat der Zäit.

Häuslecher Gewalt gëtt virun allem géint Fraen ausgeübt, zum Deel awer och géint Männer an zitt sech quesch duerch d'Gesellschaft, duerch all sozial Schichten an all kulturell Originnen. Déi betraffe Persounen fille sech séier an hirer Situatioun eleng gelooss, schumme sech souguer fir dat, wat se erliewen, an empfangen dobäi e Gefill vun Ohnmacht a vu Schold. Aus Angscht virum Partner, finanzieller Erpressung, der Suerg ëm d'Kanner an aus Angscht virum Gerieds an dem Getuschels vun den Noperen, der Famill an den Aarbechtskollegen hale vill Affer jorelaang de Mond, mam Resultat, datt den Täter net identifizéiert gëtt an datt en och net zur Rechenschaft gezu ka ginn.

Dës verheemlecht, et kann ee scho bal soen onheemlecher Fäll stelle fir déi Betraffen e grouesse Problem duer. Se si mat vill Leed a souguer Depressiounen verbonnen a riskéieren, datt d'Affer keen aneren Ausweg méi fanne wéi sech ze suicidéieren. International Studie beweisen nämlech, datt d'Relatioun tëschent Violence domestique a Suicide extrem héich ass.

Sollt d'Affer schlussendlech awer de Courage fannen, géint den Täter virzegoen, sinn d'Blessuren aus der Vergaangenheet net méi noweisbar, well se mat der Zäit verheelt sinn. Dat féiert natierlech dozou, datt déi lescht Blessuren, déi dem Affer zougefüügt gi sinn, um Geriicht oder vum Dokter als déi éischt Blessuren ugesi ginn, esou wéi wa virdrun näischt passéiert wier.

Dir Dammen an Dir Hären, fir dësem déif gräifende Problem entgéintzesteieren, huet d'Regierung de Projet vun der Afferambulanz am Koalitionsaccord festgehalen an Uleennung un eis däitsch Noperen, wou dat Konzept sech scho längst bewäert huet. Op Franséisch schwätze mer vun der „Unité de documentation médico-légale“.

Deposéiert gouf dës Projet de loi de 27. Mai 2016 vum Justizminister Félix Braz, deen de Projet an enker Zesummenaarbecht mat der Chancëgläichheetsministesch Lydia Mutsch a mat anere kompetenten Instanzen entwéckelt huet.

D'Hauptmissioun vun deem neie Service besteet doran, déi kierperlech Verletzungen vum Affer ze dokumentéieren an op déi Manéier ze verhënneren, datt Beweiser mat der Zäit verluer ginn. Am Fall, wou d'Affer géint den Täter wëllt kloen zu engem spéideren Zäitpunkt, steet dës Dokumentatioun him fräi zur Verfügung an huet e rechtskräfige Charakter. D'Dokumentatioun ass gratis an erfollegt op Basis vun enger professioneller medezinnescher Bestandsopnam duerch en Dokter. Konservéiert gëtt d'Dokumentatioun am Laboratoire national de santé zu Diddeleng, dee mat dësem Projet de loi eng zousätzlech Missioun kritt.

Allerdéngs ass et net d'Personal vum LNS, mä d'Affer selwer, wat Zougëtt zu senger Dokumentatioun huet an och d'Kontroll doriwwer behält. An et ass och d'Affer, dat d'Dokumentatioun zu jidder Zäit ka benotzen, fir de Beweis vu senger Verletzungen ze liwweren. D'Identitéit vum Affer gëtt no der Bestandsopnam pseudonymiséiert, dat heescht, seng Identitéit gëtt just beim éischte Kontakt mam Service

opgeholl an ass duerno bei all Traitement vun der Dokumentatioun a vun de perséinlechen Daten net méi erkennbar.

Eréischt wann et zu engem Gerichtsprozess kënnt, gëtt d'Identitéit nach eemol kontrolléiert, fir sécherzestellen, datt et sech bei der Persoun net ëm eng Verwiesselung handelt, mä ëm dat effektiivt Affer.

Ech kommen zur konkreter Prozedur, déi folgendermoossen ofleef.

Am Projet de loi ass festgehalen ginn, datt d'Affer no der Consultatioun e sougenannten „certificat de documentation médico-légal“ ausgehändegt kritt. Dëse Certificat kann op Wonsch vum Affer am LNS archivéiert ginn, fir ze verhënneren, datt en an d'Hänn vum Täter geréit an datt d'Affer dowéinst zousätzlechen Aggressiounen a Gewalttaten ausgeliewert gëtt.

Aus deemselwechte Grond kritt d'Affer och déi ganz Dokumentatioun net ausgehändegt, ausser am Fall, wou et dat ausdrécklech op eng Demande motivée hi wënscht.

Wichtig ass dobäi ze soen, datt et sech bei der Afferambulanz ëm en dezentrale Service handelt. D'Documentation médico-légale ass zwar eenzeg an eleng am LNS ënnerbruecht. Dat heescht awer net, datt d'Affer sech op Diddeleng an de Laboratoire muss deplacéieren, fir de Service an Usproch ze huelen. Et ass virgesinn, datt den LNS enk mat de Spideeler zesummeschafft an datt de Gerichtsmedezinner an dat Spidol kënnt, an deem d'Affer sech behandle léisst.

Dee Moment gëtt niewent der medezinnescher Bestandsopnam vum Dokter an och der néideger Behandlung gläichzäiteg eng rechtsmedezinnesch Dokumentatioun opgestallt. Dat erspuert dem Affer, datt et sech fir d'Éischt an d'Spidol an duerno och nach an den LNS muss deplacéieren, woubäi ee muss wëssen, datt Blessuren, déi scho virun hirer Dokumentatioun am Spidol behandelt géife ginn, net méi déiselwecht Envergure hunn, wéi se am Ufank ausgesinn. Bei méi lichte Blessuren ass et dem Affer fräigestallt, direkt an den LNS ze fueren, wou e Gerichtsmedezinner d'Blessuren op der Plaz direkt dokumentéiert.

Aus Sécherheetsgrënn deplacéieren d'Gerichtsmedezinner sech net an d'Wunneng vum Affer an och net an eng aner Privatwunneng. Wat d'Aarbecht vun de Gerichtsmedezinner ugeet, esou hält de Projet de loi fest, datt dës Doktere sech op d'Dokumentatioun vun de Blessuren limitéieren an op déi néideg Prelevementer, dëst op Basis vun objektiven, wëssenschaftleche Kriterien aus der Medezinn an net op Basis vun all méiglechen Interpretatiounen vum Affer respektiv vum Dokter.

Fir d'Impartialitéit vun de Gerichtsmedezinner an alle Fäll sécherzestellen, dierf d'Nogespréich mam Affer och nëmme just informativ Natur sinn an dierf sech just op d'Informatioun zu Nobetreiungsofferen a spezialiséierten Zentren bezieen. Dee Moment, wou d'Dokumentatioun bis opgestallt ass, gëtt se am LNS an engem Spezialarchiv opbewaart, getrennt vun allen anere Services.

D'Dauer vun dësem Archivage läit bei zéng Joer. Et sief, d'Affer dierf dee schréffleche Wonsch aus, deen Zäitraum ze verlängeren. D'Dokumentatioun kann awer och méi laang oprechterhale ginn, wa se fir Statistiken oder zu Zwecker vu Recherche gebraucht gëtt. An deem Fall bleift d'Identitéit vun der betraffener Persoun duerch d'Pseudonymiséierung vun de perséinlechen Date geschützt.

Léif Kolleginnen a Kollegen, och wann de Service vun der Afferambulanz net just fir d'Affer vun der häuslecher Gewalt reservéiert ass, esou gehéiert se awer ganz kloer an dee Kontext a riicht sech och just u groussjäreg Persounen. Fir mannerjäreg Persounen stinn aner Services zur Verfügung.

An deem Sënn ergänzt dës Projet de loi d'Gesetz vun 2013 iwwert d'Violence domestique a schafft en zousätzlech a wichteg Instrument, fir d'Rechter vun den Affer ze stäerken, esou wéi ech dat am Ufank gesot hunn. An deemselwechte Kontext gehéiert och d'Istanbul-Konventioun, vun där oft geschwat gëtt. Se wäert voraussichtlech nach dëst Joer duerch en entsprecheende Projet de loi ratifizéiert ginn.

Zum Kampf géint häuslecher Gewalt gehéiere schlussendlech och d'Berodungs- an d'Assistenzentren, déi den Affer an zum Deel souguer och den Täter zur Verfügung stinn. Beim éischten handelt et sech ëm de Service d'assistance aux victimes de violence domestique, dee scho méi laang existéiert. Dëse Service bekëmmert sech net nëmme ëm d'Berodung vun de Victiminnen an ëm hir Prise en charge, mä och ëm d'Prise en charge vun hire Familljen, inklusiv de mannerjärege Kanner, déi eben oft vu Violence domestique betraff sinn, wa se an hirem Haushalt stattfënn.

Den zweete Service ass de Service „Riicht Eraus“ vun der Croix-Rouge. Hei geet et drëms,

den Täter eng psychologesch an therapeutesch Hëllefstellung unzibidden, an zwar souwuel de potenziellen Täter wéi och de presuméierten oder condamnéierten Täter. D'Zil vun deem Service ass, dës Persounen doran ze ënnerstëtzen, hiert Verhalen zum Positiven hin ze änneren a vun hirem gewalttätege Verhale lasszekommen. Dëse Service kann op fräiwëlleger Basis consultéiert ginn. E gëtt awer obligatoresch am Fall vun engem Jugement vum Geriicht an och am Fall vun enger Expulsioun.

Elong am Joer 2016 si 453 Dossiere vum Service „Riicht Eraus“ traitéiert ginn, wat d'Envergure vun dësem Problem ënnersträicht.

Ech kéim zum Schluss zu deene verschiddenen Avisen, ugefaange beim Avis vum Collège médical, deen d'Fro vum Statut vun de Gerichtsmedezinner opwerft. De Collège médical ass der Meenung, datt déi legal Basis vun der Gerichtsmedezinn zu dësem Zäitpunkt nach relativ flou ass a verweist an deem Kontext op de Projet de loi, deen d'Unerkennung vun de Berufsqualifikatiounen méi kloer wäert regelen an domat och d'Qualifikatioun an de Statut vun de Gerichtsmedezinner.

Déi national Dateschutzkommissioun hirersäits formuléiert eng Rei Recommandatiounen, wat den Traitement vun de perséinlechen Daten ugeet. Donieft ass d'CNPD och der Meenung, datt d'Biergerinnen an d'Bierger ganz gezielt a gutt iwwert d'Servicer vun der Afferambulanz mussen informéiert ginn, fir datt se hir Wierkung net verfeelt.

De Parquet vu Lëtzebuerg an dee vun Dikrech waren als effektiv Memberen un der Ausarbechtung vum Projet de loi bedeelegt an hunn doran näischt aussetzen.

Bleift nach den Avis vum Statsrot, deen d'Fro opwerft, no wéi enge Modalitéiten d'Gerichtsmedezinner mat den Dokteren zesummeschaffe sollen a wéi et mam Austausch vun den Informatiounen ausgesäit. Donieft weist de Statsrot drop hin, datt d'Unité de documentation médico-légale déi néideg Mëttele muss zur Verfügung gestallt kréien, fir allen Zorte vu Violence domestique kéine gerecht ze ginn.

E Punkt, deen an der Kommissioun méi kontrovers diskutéiert ginn ass, ass dee vun der Pflicht vun den Dokteren, mutwëlleg zougefüügt Blessuren um Kierper vun hire Patienten d'office ze denoncéieren, well se jo wëssen, datt sech dohanner e kriminellen Akt verstoppt, an doduerch eben déi gerichtlech Schrëtt anzeleeden. Well dës Obligatioun awer der Confidentialitéit vun der Consultatioun am Wee steet, schléit de Statsrot vir, déi Obligatioun aus dem Code de procédure pénale ze sträichen. Dës Kompetenz wäert dann eng aner Kéier zur Diskussioun stoen an der Kommissioun.

D'Kommissioun ass sech ënner gewëssene Reserven eens ginn, datt eng obligatoresch Denonciatioun effektiv e Risiko duerstellt. Si kann notament dozou féieren, datt d'Affer de Service vun der Afferambulanz guer net an Usproch hält, well hiren Dossier d'office eng gerichtlech Suite ka kréien, ouni datt dat zu deem Zäitpunkt vum Affer gewënscht ass.

Fir méi Detailler zu deene verschiddenen Avisen an zu den Aarbechte vun der Kommissioun verweisen ech op mäi schréffleche Rapport, dee méi extensiv ass wéi mäi mündleche Rapport.

Här President, am Numm vun der grénger Fraktioun begreissen ech natierlech, datt d'Afferambulanz zu Lëtzebuerg endlech Realitéit gëtt, nodeems laang drop gewaart ginn ass. A mir sinn och frou, datt d'Regierung keng Mëttele scheit, fir d'Gewalt am Stot ze bekämpfen an den Täter d'Handwierk ze leeën. Fir hir Wierksamkeet ze analyséieren, Här Minister, schloe mir vir, no een, zwee Joer eng Evaluatioun virzehuelen a méiglech Schwaachstellen ze behiewen, falls et sollt néideg sinn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An éischte Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt der Rapportrice, dem Josée Lorsché, villmools Merci soe fir hire schréfflechen a mündleche Rapport. Et ass richtig, mat dësem Gesetzesprojet gëtt eigentlech eng laangjäreg Fuerderung agefouert, fir d'Afferambulanz no däitschem Modell zu Lëtzebuerg och an eist Gesetz ze verankeren. Den einfache Prinzip ass deen, dass eng Persoun d'Méiglechkeet kritt, wa se Affer ass vu physische Blessuren, déi hir bei enger Strofdot zou-



gefüügt ginn, dass se dat kann dokumentéiere loossen, ouni dass et do automatesch zu strofrechtliche Poursuite kënnt.

De Punkt ass deen: Firwat gëtt dëse Projet oder ass dëse Projet an der Justizkommissioun traitéiert ginn? Mä well et awer zwou wesentlech Ausname gëtt zu zwee Grondprinzipien, déi an eise Strofrecht festgehal sinn. Dat éischt ass d'Denonciationspflicht, déi all éffentleche Fonctionnaire huet: Nämlech wann dee Kenntnis huet vun Elementer vun enger Strofdot, dann ass hien eigentlech verpflichtet no dem Artikel 23 vun eiser Stroprozessordnung, déi dem Parquet matzedeelen an deen doriwwer a Kenntnis ze setzen. An et ass dann um Parquet, deen d'Opportunité vun de Poursuitten huet, fir da gegebenenfalls eng strofrechtlech Prozedur anzeleeden oder net. Hei, wéi gesot, trennt een déi zwou Saachen.

En zweete Punkt, wou eng Aschneidung ass zu engem Prinzip bei eis an dem Strofrecht, dat ass dee vum sougenannte Berufsgeheimnis, wou eng Rei vu Leit, d'Affekoten, awer an dësem Fall besonnesch d'Dokteren, drënnerfalen. Abee, hei gëtt et de Leit erlaabt, déi fir d'Afferambulanz schaffen am Kontext vun dem Laboratoire national de santé, dass déi kënnen Echangen hu mat den eenzelnen Dokteren, ouni dass domadder hiert Berufsgeheimnis a Fro gestallt wier.

De Punkt ass eigentlech deen, dass hei zwou Exceptionne gemaach ginn zu deene Prinzipien. An d'CSV-Fraktioun kann och zu deenen Exceptionne stoen, well soss eigentlech déi ganz Afferambulanz net ka funktionéieren. Mir ënnersträichen awer, dass de Conseil d'État zu Recht drop higewisen huet, dass een déi Ausnam net sollt an de Code d'instruction criminelle oder de Code de procédure pénale dräschreiw, mä dass déi sollt an deem spezifische Gesetz iwwert d'Afferambulanz festgehal ginn, fir dass net sollt opkommen, dass hei e Prinzip wier mat enger Hällewull vun Ausname vun der sougenannter Denonciationspflicht.

Wat de Prinzip ubelaangt, ass d'CSV mat dësem Gesetzesprojet deemno d'accord. Déi eenzeg Fro, déi mer eis stellen an déi mer och un de Justizminister adresséieren:

Wann een d'Fiche financière kuckt vun dem Gesetz, dat heescht, wat dat Ganzt soll kaschten, souwuel a materiellen Uschafungskäschten, mä virun allem a Personalkäschten, da gesäit een, dass bei de Ressources humaines, also dat, wat vun Neistellungen néideg ass, do just ee Collaborateur médical virgesinn ass mat 75.000 Euro an dann nach e Coordinateur, deen d'Sekretariat mécht, mat enger hallwer Tache vu 40.000 Euro.

Elo ass et awer esou - an d'Madamm Lorsché huet dat gesot -, dass et ronn 800 Fäll ginn hei am Land vu sougenannter häuslecher Gewalt, wou an iwwer 300 Fäll d'Police effektiv zur Feststellung kënnt vu Strofdoten. Dann ass et och esou, dass jo dee Service hei net nëmme funktionéiert - ech mengen, dat soll ee soen - am Kontext vun der häuslecher Gewalt, mä d'Gesetz erlaabt et, dass all Affer vun enger physischer Blessure, déi duerch eng Strofdot hir zougefüügt gëtt, kann op dee Service hei als Affer zrëckgräifen. Dat heescht, et ass net nëmme limitéiert op elo Fäll vun enger Violence domestique, wéi mer déi kennen.

Do stelle mir awer éierlech gesot d'Fro och direkt un de Justizminister, wéi e gesäit, dass dat do mat enger Persoun respektiv engem hallwe Sekretariatsposten nach ka funktionéieren, d'autant plus wou jo erwünscht ass, dass dee Service hei 24 op 24 Stonne sollt funktionéieren. An ech soen lech och do, dass d'CSV an deem Kontext kee Problem hätt, wann hei misst zousätzlech op Astellungen zrëckgegraff ginn, fir dass dee System hei effektiv funktionéiert. Ech mengen, wann ee seet: „Mir stinn zu enger Afferambulanz“, jo, da musse mer och der Regierung Méiglechkeeten zouerken, fir dass déi Afferambulanz hei effektiv, an net nëmmen am Kontext vun enger häuslecher Gewalt, mä och am Kontext vun anere Strofdoten, wou eng Persoun physisch Blessuren zougefüügt kritt, och ka funktionéieren.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*). - Merci, Här President. Merci awer och virop der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, fir hire ganz detaillierte mündlechen a schrëftleche Rap-

port. Dat erméiglecht mer, fir eng Partie Zuelen net méi ze widderhuelen, déi Der hei scho genannt hutt.

Dëst Gesetz, mir hunn et elo héieren, konfrontéiert eis mat enger ganz traureger Realitéit, déi och zu Lëtzebuerg, an dat an alle soziale Schichten, erschreckend Ausmoossen ugeholl huet, d'Gewalt an doriwwer eraus natierlech och d'häuslech Gewalt.

Déi puer Zuelen, déi d'Madamm Lorsché genannt huet, déi och elo vum Här Roth nach eng Kéier rappeliert goufen, weisen drop hin, dass déi Statistik, wéi ech et scho gesot hunn, ganz erschreckend ass. An et ginn och net vill Variatiounen an där Statistik iwwert déi lescht zéng Joer. D'Affer sinn an de meeschte Fäll Fraen, ronn 63%, mä do dernieft sinn natierlech och d'Männer der häuslecher Gewalt ausgesat. An domadder net genuch. Eigentlech kann ee soen, dass, wann et zu gewalttätigen Aktiounen am Stot kënnt, dann och d'Kanner déi Leidtragend sinn. An net seele geet d'Gewalt och souguer vu Kanner aus.

Fir 2016 just, rappeliéieren ech dee Chiffer, waren ëmmerhin 146 Victimme mannerjäreg. Et goufen 116 Fäll vu Gerichtsuertheeler. Jo, et kéint een op dëser Plaz natierlech nach vill méi wäit an d'Statistiken eragoen, mä se ginn do-duerch och net méi positiv.

Et gëtt scho ganz vill a gutt Aarbecht geleescht, wat d'Präventioun an och d'Prise en charge ugeet vun den Affer an och vun den Täter. An och eis Gesetzgebung gëtt der Police jo déi néideg Handhab, fir d'Expulsioun vun den Täter virzehuelen. E ganz wichtegt Glidd huet awer an dëser Kette gefeelt. D'Dokumentatioun, an anere Wieder: déi séier rechtsmedezinnesch Bestandsopnam mam Archivage vun deem, wat festgestallt gouf vu Verletzung bei den Affer. Mir nennen et hei am Gesetz „d'Opferambulanz“.

Et ass ze begrëssen, dass mer et grad iwwert dëst Gesetz fäerdegbréngen, den Affer vun all-méiglechen Zorte vu gewalttätigen Akte séier an onkomplizéiert entgéintekommen, an enger Situatioun, déi fir si mat Angscht, Panik an och Péng zesummenhängt. Et ass ganz dacks eng Situatioun, wou d'Affer net direkt schonn am Klore sinn, wéi si sech da solle weiterhi verhalen, ob se iwwerhaupt scho prett sinn, fir eng Plainte ze maachen oder net. A vläicht ass deen een oder deen anere sech emol nach selwer guer net bewosst, wéi uerg et eigentlech ëm hie steet, well en d'Ausmooss vu senger Verletzungen nach guer net selwer kann abschätzen.

Eng Persoun, déi an d'Urgence muss komme weinst gewalttätigen Akten, weinst senger Blessuren, kritt mat Hëllef vun dësem Gesetz deemno d'Méiglechkeet gebueden, fir hir Verletzungen nach méi spezifesch klinesch analyséiert ze kréie vun deene Professionellen aus dem Département médico-légal vum LNS. Hei kritt d'Terminologie vun „Opferambulanz“, oder „Afferambulanz“ op Lëtzebuergesch, och hire ganze Sënn.

D'Notioun vun der „Urgence“ gëtt jo hei formell a kloer ervirgestrach. D'Consultatiounen gi jo och meeschtens an der Urgence gemaach, deemno ouni Rendez-vous oder soss Planifikatioun. Et ass och nëmmen esou, wéi Verletzung richteg kënnen ageschätzt ginn, well d'Spuren, déi verblatze mat der Zäit. Dat heescht, dass déi blo Plazen oder och soss Strangulationszechen no e puer Wochen nogelooss hunn, an d'Ausmooss vun der Gewalt ass dann nach ganz schwéier nozevollzéien.

Bleiwe mer awer ganz kuerz nach beim medezinnesche Volet, wou ech virop wéilt de Parténariat mat de Spideeler ervirsträichen, ouni deen dëse Projet an dëser Form eigentlech guer net esou effikass hätt kënnen duerchgeplangt ginn!

Wann en Affer opgrond vun enger Aggressioun direkt an eng Behandlung geet, da gi jo, wéi gesot, Therapie vun de Verletzungen virgeholl. An d'Dokumentatioun, déi dofir opgestallt gëtt, déi ass am Hibleck ebe just vun dësen therapeutische Moosnamen a bei Wäitem net an enger Approche vu Rechtsmedezinn. Dofir huet dës Dokumentatioun och net déi néideg Renseignement, déi gebraucht ginn, wann eng juristesche Suite soll kommen. Meeschtens feele jo d'Fotoen, oder awer d'Affer huet Biller, déi vu Famill oder vu Bekannte gemaach goufen, an deemno kënnen déi an der Defense herno contestéiert ginn.

Derbäi kënnt awer och, dass eventuell Dokteren, déi vu Gewaltopfer opgesicht ginn, och net onbedéngt déi adequat Formatioun hunn, fir eng spezifesch Diagnos oder awer eng spezifesch Beschreiwung vun engem gewalttätigen Akt ze maachen. Dëst alles féiert derzou, dass déi opgestallte Rapporten ënner Ermëstänn guer net komplett sinn a fir Gerichtswecker och emol net a Fro kommen. An dobäi ass et jo

grad de Rapport, deen dat wäertvollt Beweiselement duerstellt, wann eng Plainte déposiert gëtt.

De Parquet muss d'Méiglechkeet kréien, fir d'Gravitéit vun de Fäiten anzuschätzen an deemno och déi penal Suite kann ordonnéieren. Och wann d'Behandlung an der Urgence als eng normal medezinnesch Consultatioun verrechent gëtt, esou muss een hei awer och ervirsträichen, dass de Service vun der Afferambulanz, dee jo op där Plaz respektiv deem Spidol offréiert gëtt, wou déi betraffe Persoun an d'Urgence geet, gratis ass, an dass et deemno och keng Ursaach méi gëtt, fir deen net ze beusprochen.

Nieft der Gravitéit vun de Fäiten, kann och d'Ursaach vun de Blessuren définéiert ginn. A fir den Dossier ze vervollstännegen, ginn och gegebenenfalls Fotoe vun de Verletzungen respektiv vum Zoustand vum Affer gemaach. Falls d'Victime awer elo net direkt scho wëllt eng Plainte maachen an deemno dës Pièce net direkt gebraucht gëtt, gëtt den Dossier, wéi d'Madamm Lorsché et och erkläert huet, ënner engem Pseudonym archivéiert. An esou kann déi betraffe Persoun spéider zu jiddwer Moment dorobber zrëckgräifen.

Déi Persoun kann also selwer a fir sech decidéieren, wéi si wëllt weiderfueren. Dass si net direkt an der Verfassung ass, fir eng Prozedur ze lancéieren, kann een a ganz, ganz ville Fäll novollzéien. Dacks huet et jo mam Täter selwer ze dinn, deem seng Aggressivitéit net anzuschätzen ass. Dacks sinn et och familiär Grënn, wou d'Affer Angscht huet, fir diskreditéiert ze ginn. Jee no sozialem Statut ass et och d'Angscht virun engem Skandal, d'Angscht an d'Onsicherheit virun all deem, wat esou eng juristesche Prozedur iwwerhaupt mat sech bréngen kann.

Et ass et och ganz dacks d'Angscht, dass et d'Meenung ass, wann den Täter doheem wunnt, wann den Täter an der Strooss wunnt, dass en nach erëm eng Kéier kann op d'Affer zrëckkommen. Et ass awer och emol d'Meenung an d'Hoffnung, dass et en eemolege gewalttätigen Akt ass an dass den Täter sech wäert besseren. Dacks ass et awer och eng Situatioun op enger Aarbechtsplaz, wou sech eppes ofgespillt huet, wou een da fäert, dass et Repercussiounen huet op déi professionell Existenz. Oder awer et ass ee ganz einfach iwwerzeugt, dass een et selwer an de Grëff kritt. Bref, ganz viles kann d'Affer dervun ofhalen, fir déi éischt Schrëtt ze woen, fir eng Plainte ze maachen.

D'Saskia Etzold ass eng Rechtsmedezinnerin bei der Afferambulanz zu Berlin. A si huet zu dësem Thema däitlech a folgend Wieder. „D'Alldagsgewalt gëtt an eiser Gesellschaft ënnerschat“, seet si. „D'Stereotype gräifen net. D'Gewalt ass weder bildungsfern nach huet se e Migratiounshannergrond. An der schicker Villa gëtt gradesou vill geschlo wéi an der klengster Häipchen, nëmme méi subtil. Déi eng schloen an d'Gesicht, anerer schloen dohinner, wou keen et gesäit.“

Hir Erfahrung seet, dass d'Affer dacks Hëllef unhuele fir hir Kanner, fir sech selwer awer net. Si huet awer och geléiert, dass ee muss waarden, bis d'Frae prett sinn. „Mä si kommen enges Daags“, seet si, „an zwar dann, wa si decidéiert hunn, dass et duergeet.“ Et ass hir eege Schmäerzgrenz. An hir Erfahrung seet och, dass et d'Mataarbechter aus der Afferambulanz sinn, déi d'Entwécklungen dacks méi fréi a besser moosse kënnen wéi d'Police oder d'Justiz.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Grad hei wéilt ech och d'Ausso vun eiser Chancëgläichheitsministesch, der Madamm Lydia Mutsch, aflechten, déi gesot huet, dass de Projet Afferambulanz en essenzielle Bestandteil ass, fir den Affer vu Gewalt méi Schutz an Unerkennung ze garantéieren. Mir hunn et verstan. D'Gewalt ass net nëmmen en Thema, et ass eng Realitéit. D'Afferambulanz verschafft de Fraen, oder soe mer einfach den Affer, Zäit, fir ze iwwerleeën. D'Afferambulanz ass awer och en Instrument, wat soll hëllefen, fir aus dem Däiwelskrees vun der Gewalt erauszeklammen.

D'Kommunikatioun iwwert dësen exzellente Service muss awer och elo gräifen. An et muss vermëttelt ginn iwwert d'Berodungsstrukturen, iwwert déi ganz Panoplie vun Informatiounen, Aktiounen, Theateropféierungen a soss Campagnen, déi mat ganz vill Seriö vu ville kompetente Leit an ënnert der Tutelle vun dem Chancëgläichheitsministère ugefouert ginn.

Et wier och ze begrëssen, Madamm Minister, wa mer vläicht aktuell Ziffere kéinte kréien, fir och ze wëssen, wat sech de Moment elo an all deene Gremien deet a wéi d'Evolutioun och vun den Aarbechten um Terrain ass. Well et muss nach weiterhi vill geschafft ginn, fir

d'Fraen ze stäerken, dass si hir Plaz als vollwäertegen a gläichberechtigte Mënsch an der Gesellschaft an och an hirer Koppel gesinn. Well och wann eng Verletzung ausheelt, et bleift ëmmer nach eng Narb. An dat seet de Publius Syrus, e réimesche Philosoph, stellt lech vir, dee viru Christus gelieft huet.

An heimadder ginn ech ouni Transitioun den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Hemmen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Deputéierten Edy Mertens. Här Mertens, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Edy Mertens** (*DP*). - Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech erlabe mer, zu dësem Projet de loi fir meng Fraktioun ze schwätzen, obwuel ech jo eigentlech net Member si vun där zoustänneger Kommissioun.

Ech komme vläicht awer och heihin, fir der juristescher Kommissioun Merci ze soen, dass si sech deem Projet do ugeholl huet, well et ass méi wichteg, wéi ee mengt. Ech géif soen, als Dokter erliwien ech et ganz dacks, et ass esou erschreckend - ech hat driwwer nogeduecht -, dass ech bal ka soen, ech erliwien et bal all Woch. A wann den Här Roth hei vun deenen Zuelen, déi do deklaréiert sinn, seet: „Dat sinn nëmmen déi deklaréiert Zuelen“, dann huet den Här Roth vollkomme recht. An ech behaupten, dass et an deem Land hei méi wéi 800 där Fäll ginn. Dat ass ganz erschreckend. An ech wäert herno nach drop zrëckkommen.

Ganz dacks kënnt ee bei den Dokter. A wien ass dat schonn? Meeschtens ginn d'Leit, jee no deem, wat fir eng Zäit am Dag et ass, bei hiren Hausdokter. Dee kenne se gutt. Dee kennt d'Situatioun an de Familljen. An dann no an no gesäit och den Hausdokter, dass déi Blessure, déi déi Persoun do presentéiert, net vum Trapeneroffale kënnt, oder dass de Staubsauger drop gefall wier oder soss iergendeppes, an och net vu soss iergendengem Accident.

Déi sougenannten Opferambulanz, déi mam Vott vun dësem Projet geschafft gëtt, ass also vun essenzieller Bedeitung fir eng Problematik, déi leider allze dacks nach wéi en Tabuthema an eiser Gesellschaft behandelt gëtt.

An ech soen direkt hannendrun: Et fält jo beim Dokter alles ënnert d'Schweigefflicht. Dat ass heiansdo fir dee wahnsinneg schwéier.

Et geet hei ëm d'Opklärung vun - also fir mech, ech kann et nëmmen esou nennen - Gewaltverbrechen. A ganz besonnesch ëm d'Opklärung vun der häuslecher Gewalt.

Wéi ewell vun der Rapportrice beschriwwen, geet et drëms, dass d'Tracé vu Gewalt als solch festgehalen a konservéiert ginn. Dëst ass besonnesch a Fäll vun der häuslecher Gewalt ganz wichteg, well hei déi Opfer dacks eréischt no e puer Virfäll bei d'Police ginn a soumat déi viregt Infractionen, déi geschitt sinn, net méi bestrooft kënnen ginn - vläicht, ech si kee Jurist -, well da keng Tracé méi do sinn.

Ech kann lech e ganz rezent Beispill soen: An engem Nuetsdängscht zu Ettelbréck an der Maison médicale hunn ech duerch puren Zoufall, also et gëtt nach Zoufall, fir d'Drëtt e jonke Mann do gehat, dee vu senger Fra schrecklech geschloe gouf. Deen hat ausgesinn, et mengt een, e wier. ech weess net wou derduerchgeschleeft ginn, duerch d'Düstelen, en hat och Hämatomer an Allméigleches. An trotz engem Gespréich - ech hu mech ganz laang mat em befaast - sot en: „Ech kann dach net! Ech kann dach net! Et ass dach meng Fra!“ An esou virun. An do kommen dann och nach psychologesch, psychiatresch Problemer derbäi. An da sëtzt een do.

Dofir ass et wichteg, ze ernimmen, dass dee Service vun der Opferambulanz gratis ass, dass et kee Prerequis ass, fir eng Plainte gemaach ze hunn, et muss een net virdrun also eng Plainte gemaach hunn, ier een de Service an Usproch hält, an dass d'Anonymitéit vum Opfer zu all Moment garantéiert ass. Dat ass ganz wichteg. Et ass och schéi beschriwwen am Projet, wéi dat funktionéiert. Natierlech kann den Dokter net eng Kaputz opsetzen a blann sinn, wann en de Patient kuckt. E muss jo och wëssen, mat wien en et ze dinn huet. Mä duerno ginn déi Date jo vertraulich behandelt.

De Schutz vun deene ganz sensibelen Daten ass fir eis natierlech och eng absolut Prioritéit. An dofir huet d'DP jo an der zoustänneger Kommissioun guttgeheescht, dass verschidde Propositionen vun der Dateschutzkommissioun am finalen Text berücksichtegt goufen.

Ech mengen, kee vun eis, deen nach net selwer an der Situatioun war an Affer vun esou engem Gewaltverbrechen ginn ass, ka sech d'Leed vun enger betraffener Persoun am vollen Ausmooss



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

virstellen. Besonnesch, an dat betounen ech, wann d’Gewalt vun enger Persoun ausheet, déi ee gären huet a wou ee mengt: „Ma dat ass dach net méiglech. Ech hunn hie gären an ëmgedrëit. Déi Persoun muss mech jo gären hunn.“ Dee geet net direkt bei d’Police. Dee versicht nach, mat all Moyenen a mat Diskussiounen ze schaffen. A mir kënnen eis jo wierklech virstellen, wéi grouss déi Angscht muss si fir déi Persoun, dat bei der Police ze mellen, well do gefaart gëtt: Et ka jo dann awer wierklech nach schlëmmer kommen. Jiddefalls Fäll, déi ech erlieft hunn, déi si wierklech ganz grav.

D’Opferambulanz wäert also eng wichteg Ulafstell si fir déi Persounen aus deenen Ursachen, déi d’Rapportrice lech ewell ganz detailléiert opgezielt huet. D’Opferambulanz ass awer och, an dofir stinn ech hei, eng wonnerbar Saach fir d’Dokteren - a wéi gesot, ech schwätzen aus Erfahrung -, déi dacks eng gewëssen Ohnmacht verspieren, wann een Opfer bei se kënnt, dat manifestement mëss handelt gouf an awer keng Plainte wëllt maachen.

Et ass esou, datt et immens schwéier ass fir een Dokter, zum Beispill e Generalist, en Internist - en Unfallchirurg kann et vläicht ewell besser, deem huet awer méi eng grouss Erfahrung -, fir feststellen: Ass et dann elo wierklech eng Verletzung, déi deen Ursprung huet, deen d’Opfer ugëtt?

Ech kann lech soen: Ech hunn eng Verletzung gesinn, do stoung ech herno zu Dikrech um Geriicht. Do hat den Noper eng Heck geschnidden. A wéi en amgaange war, d’Heck ze schneiden, dunn ass en an d’Hand gebass ginn. An hien hat behaapt, d’Madamm, d’Nopesch hätt en an d’Hand gebass. An ech hat en do sëtzen. Natierlech, wat mécht een? Dat si mer geléiert ginn an der..., an der...

(Interruption et hilarité)

An der Gerichtsmedezinn si mer awer geléiert ginn, wann ee bei lech kënnt mat enger Verletzung, dann ass et eis Pflicht als Dokter, d’Verletzung ze beschreiwen, ze dokumentéieren an net do Kommentaren ofzeginn. Mir si jo kee Polizist a mir maache keng Recherche. Dat ass ewell dat Eischt, wat een e muss bäibréngen: Ech ka gären en Dossier opmaachen, wou ech dat dote festhalen. Wann da Suitte kommen, da sëtzt dacks den Dokter och als Zeien um Geriicht. Mä dat war eng ganz lëscht Saach, well herno festgestallt gouf: Et war den Hond, dee gebass hat, an et war net d’Nopesch.

Een anere Fall, un deen ech mech erënneren, fir ze weisen, wéi schwéier et ass: Do koom d’Madamm sech bekloen - an als Dokter kennt ee jo och e bësse psychologisch dann de Patient, wéi dat do dann elo ausheet an engem fierchterlechen Trallala - an hat hir Schwéiermamm nach matbruecht a gesot: „Kuckt emol hei, wat huet déi mech verbrannt.“ A si ass awer dunn och gesi gi vun der Nopesch an ech hunn dat och gesinn, datt dat Verbrennung waren, déi nimools mat Waasser konnte geschitt sinn, mä si hat sech an d’Brennnessele gesat, fir een ze beschëllegen. Also et gëtt all Variatiounen. Also beschreift ee just dat, wat ee gesäit. An dann ass et drun, datt de Jurist do entscheet, wat geschitt.

An de Gerichtsmedezinner ass awer - a mir hunn all als Dokter musse Gerichtsmedezinn maachen - eppes ganz aneres. Déi hunn eng riseg Erfahrung, déi kënnen dat vill méi exakt dokumentéieren. A si mussen dat jo dann och konservéieren, zéng Joer, wann ech richtig gelies hunn. An dat ass eppes ganz Wichteges, déi Dokumentatioun vun der Gerichtsmedezinn.

Dofir sinn ech derart stolz drop, datt Lëtzebuerg elo endlech eng Gerichtsmedezinn

huet, well dat war fir mech rätselhaft (veuillez lire: wisou mer nach keng haten). Ech sinn alt zu Elwen eng Läich kucke gaangen, déi koom aus Kuba zrëck viru Joren, well d’Mamm gemengt hat, et wier net hiert Meedchen. Mä do war eng Dokumentatioun derbäi vun der Gerichtsmedezinn vun Havanna. Do hunn ech geduecht: Dat ass dach schrecklech, datt s de hei bei Accidenter geruff gëss, grujeleg Accidenter mat Doubesfolleg, an datt do kee Gerichtsmedezinner optaucht. Dat ass immens wichtig.

An do kennt Der jo vun eise bekannte Gerichtsmedezinner dat Wuert, dee Bicher geschriwwen huet an dee gesot huet: „Wann een dann emol géif“ - wéi hat e gesot? - „bei all deenen, déi um Kierfecht leien a wou eppes net richtig zougaangen ass, eng Käerz dropsetzen, da géif et Allerhellgen elle lichten.“

Also ech mengen, et muss ee kucken: De Gerichtsmedezinner ass de Gerichtsmedezinner. A mir sinn immens fro als Dokteren, datt dat dote Gesetz dann hoffentlech wäert de Mëtteg hei gestëmmt ginn, fir eis ze befreien. Also wierklech befreie vun där riseger Verantwortung, déi dat ass, wann een éierens hikënnt an et ass eppes passéiert.

Ech kann lech just soen: Am Ausland, jiddefalls an deem Land, wou ech laang war, do kënnt bei all Accident op der Strooss, iwwerall, bei all Accident, bei deem geréngsten Doute, de Gerichtsmedezinner. Do ass guer keen Zweifel. Déi Läich muss dobleiwen, bis dee passéiert ass. Bei Selbstmord kënnt en. Also dat gëtt dokumentéiert. An ech kann lech soen: Do komme Saachen derbäi eraus, do kann ee wierklech herno nëmme staunen. Dat ass an enger normaler Praxis net méiglech.

An hei ass flott, d’Opfer geet an d’Ambulanz vun der Klinik, d’Ambulanz vun der Klinik avertéiert de Gerichtsmedezinner, dee kënnt dohinner, da kann e sech jo net nëmme ëm dat dote këmmen, mä e kann och nach mam Chirurg schwätzen, deen Déngscht huet, oder mam Dokter, deen Déngscht huet, a soen, wat fir Repercussiounen déi Verletzung dann elo op d’Aarbecht, zum Beispill, vun där Persoun huet.

Do gi mir och ëmmer gefrot am Gutachten oder Zertifikat: Kann déi Madamm dann elo - well meeschtens sinn et Fraen - esou an esou laang net schaffe goen? Ass déi beanträchtegt mat der Aarbecht? Alles dat kann de Gerichtsmedezinner flott mam Dokter, deen ebe behandelt an der Ambulanz vun der Klinik, diskutéieren. An do ass keen Zweifel drun: Dat ass immens wichtig.

Mir kréie jo als Landdokter ganz dacks gesot - dat ass esou bei Schoulzertifikater, ech mengen, et gëtt och kee Landdokter, deen nach net e falschen Zertifikat ausgefëllt huet -, mä mir kréien ëmmer gesot: „Dat sinn alles Certificats de complaisance.“ Mä hei vergeet der awer dann de Witz, well wann een hei nogewise kritt herno um Geriicht: Dat do ass e Certificat de complaisance, da steet een um Geriicht awer net fein do.

Also ech kann nëmme Merci soen, och vun den Dokteren aus, datt dat geschitt. An ech fannen et och richtig, datt dat an de Koalitiounsprogramm koom. Ech mengen, d’DP hat och do drop gehalen, onbedéngt déi Opferambulanz ze kreéieren. A mir hate jo ewell an der Santéskommissioun driwwer geschwat. Ech mengen, hei hu mer wierklech e Moyen fonnt, deen immens och d’Dokteren an där Hisiicht entlaacht.

Ech wëll net méi nach eng Kéier op dat Technesch zrëckkommen, déi Detailer, well d’Rapportrice huet dat wierklech ganz gutt ge-

maach. Ech wëll hir fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci soen a ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun, der DP.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Edy Mertens. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Merci, Madamm Presidentin. D’ADR begréisst dat Gesetz a wollt et souwisou stëmmen. Mä ech muss soen, no deem leidenschaftleche Plädoyer vum honorabelen Dokter Edy Mertens si mer nach méi iwwerzeegt wéi virdrun, datt hei e gudden a wichtigen Outil geschafe gëtt.

Et léiert ee bei all Projet de loi, dee mer hei diskutéieren, wann een dann déi Dokumenter duerchakert, ëmmer nees bäi. An ech hu bäigeliert, datt et eng Konventioun gëtt vum Conseil de l’Europe vun Istanbul vun 2011, déi och d’Rapportrice ernimmt huet, déi den diskriminatoreschen Titel dréit: „(La prévention et la) Lutte contre la violence à l’égard des femmes (et la violence domestique)“ Ech denken, dat eleng ass schonn e Fall fir de CET, dee mer mat deem viregte Projet der Chamber ratifiéiert hunn. Do hu se dann en éischte Fall vu flagranter Diskriminatioun, dee se ze ënnersichen hunn.

Contrairement zur honorabeler Cécile Hemmen, déi hei ëmmer erëm vun der Violence géint Fraen, géint Fraen, géint Frae geschwat huet, ass et e Fakt, an dat geet aus de Statistike vun der Police ervir: 2016 waren 31,92% vun den Auteurs de sexe féminin a 37,63% vun de Victiminnen de sexe masculin. Dat ass einfach e Fait, deen een emol eng Kéier muss unerkennen. An och den honorabelen Här Mertens huet jo op esou e Fall verwisen.

Fir de Rescht huet, wéi gesot, desen Text extrem vill Meritten. Et gëtt en Instrument geschafen, wat wichtig ass. Ganz richtig war och, wat den Här Gilles Roth gesot huet, datt et immens wichtig ass, datt déi Obligation de dénonciation, déi jo normalerweise virgesinn ass duerch de Code de procédure pénale, hei net gräift. Nëmme esou kann dëst Instrument och wirksam agesat ginn.

Mir ginn also mat Freed dësem Text eisen Zousproch. Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Reding. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Wann een d’Debatt hei suivéiert huet, hunn ech zumindest draus geléiert, datt et zu Havanna eng besser Gerichtsmedezinn ginn ass wéi zu Lëtzebuerg.

(Hilarité et brouhaha)

Dat wäert ech mer mierken.

(Hilarité)

► Une voix.- Net nëmmen! Net nëmmen!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Madamm Presidentin, de Projet vun der Afferambulanz ass mat Sécherheet een, deen absolutt begrëssenswäert ass, well en ebe justement géint häuslech Gewalt virgeet, och do keen Ennerscheid mécht tëschent de Sexen oder tëschent deem, vu wien et ausheet a wien d’Affer sinn, mä et geet drëm, insgesamt d’Rechter vun den Affer ze stäerken. An net nëmmen d’Rechter vun den Affer, mä och d’Prise en charge an der Hoffnung, datt, wann eppes geschitt, een éischter sech traute, bei en Dokter och ze goen.

De Statsrot huet a sengem Avis awer eng ganz Rëtsch Froen opgeworf, déi de konkrete Funktionement vun där Afferambulanz uginn. An ech denken, datt et am Interess vum alle wien, wann ee géif soen, et sollt een an zwee, dräi, véier Joer, no enger gewëssener Zäit eng Evaluatioun vun deem dote Gesetz maachen, och kucken, wat déi Effete gewiescht sinn a wéi eng Repercussiounen dat gehat huet, fir doraus, aus deenen Erfahrungen eventuell dann och nach eng Kéier kënnen Verbesserungen, wann dat dann néideg ass, un deem Gesetz virzehuelen.

Dëst gesot, ginn ech natierlech och meng Zoustëmmung zum Gesetz.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Marc Baum. Ech hu keen anere Riedner elo ageschriwwen. Dann hunn ech do d’Eier an de Plésier, fir der Regierung d’Wuert ze ginn. Fir d’Eischt den Här Justizminister Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d’Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Madamm Presidentin. Dat hei ass ee vun den, wéi ech fannen, ganz wichtige Projekte vum Koalitiounsaccord, dee mer haut wäerten hei unhuelen. Mir schafen e gesetzleche Kader fir d’Afferambulanz. An et ass och scho gesot ginn, hei dréit et sech natierlech ganz vill ëm de Phenomeen vun der haislecher Gewalt. Mä d’Afferambulanz ass net nëmme fir d’Affer vun der haislecher Gewalt do, hei ass e Projet, deen iwwert dat erausgeet, mä vun deem mer wëssen, dass haislech Gewalt wäert riskéieren, am Mëttelpunkt ze stoen.

Et ass net esou, dass et haut guer keng Moyene gëtt. Haut huet d’Affer engersäits d’Méiglechkeet, fir de medezinnesche Volet an eng Urgence ze goen, sech do behandeln ze loosse, an dann do niewendru bei der Police oder beim Parquet eng Plainte ze maachen, fir dann eng stroferechtlech Prozedur ze lancéieren, wou dann och déi klassesch Rechtsmedezinn zu hirem ka kommen.

Dat huet allerdéngs zwee Nodeeler, déi Prozedur, déi mer haut kennen. Dat Eischt ass den Dokter, dee mécht natierlech an der Urgence dat, wat en am beschte kann. Eng kurativ Interventioun, eng reng medezinnesch, therapeutesch Interventioun, fir eng medezinnesch Versuergung ze erreechen. Wat am Interêt vum Patient ass, awer net am Interêt vum Affer, well doduerch och eng Rei wichtig Beweiser kënnen duerch de Versuergungs- an Heelungsprozess zerstéiert ginn.

Den Urgentist schafft net no de Kritäre vum Rechtsmedezinner. Besonnesch oft maachen och Affer, besonnesch Affer vun haislecher Gewalt, net scho bei der éischter Kéier eng Plainte. Leider loosse se dat oft zwee-, dräi-, véiermol mat sech maachen, ier se soen: „Elo geet et duer! Ech ginn elo dohinner, wou ech muss goen a loosse mer elo hëllefen an huelen och den Täter elo op d’Geriicht a stellen e viru seng Verantwortung.“

Och dat bréngt et mat sech, dass d’Beweiser vu fréieren Infraktiounen, vu fréierer haislecher Gewalt dee Moment net méi existéieren. Et ass genau do, wou d’Afferambulanz gräift. Besonnesch duerch d’Zesummenaarbecht vun de Spideeler a vum LNS vun Diddeleng, op där hire Fonctionnement d’Madamm Mutsch duerno wäert agoen.

D’Zil vun der Afferambulanz ass am Fong nëmmen eent: Beweiser sécherzestellen, fir se kënnen, gegebenenfalls och zu engem spéideren Zäitpunkt, viru Geriicht ze verwenden. Dat ass d’Finalitéit vun der Aarbecht vun der Afferambulanz. An dat ass a mengen Aen e ganz wichtige Punkt.

Wichtig ass och, ze ënnersträichen, dass ee keng Plainte muss maachen, fir kënnen op d’Déngschter vun der Afferambulanz zrëckze-gräifen. Et geet drëms, Beweiser ze sécheren. Ob een duerno nach wëllt eng Plainte maachen, direkt oder eventuell méi spéit, dat ass eng Decisioun, déi d’Affer selwer daerf huelen. Mä si weess awer, dass déi Beweiser, déi se géif brauchen, fir Plainte ze féieren, op enger Plaz sinn, wou se och duerno kënnen zrëckgeholl ginn an déi och an enger Form an enger Qualitéit verfaasst sinn duerch de Rechtsmedezinner, dass se och viru Geriicht als Beweis wierklech kënnen benotzt ginn an dass et net nëmmen an Indiz ass, mä dass et wierklech an där Qualitéit ass, wéi et viru Geriicht noutwendeg ass.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An d’Affer kann dat maachen, ouni déi sogenannte Machinerie judiciaire schonn dee Moment lasszetrëppelen.

Et ass scho gesot ginn, bei deenen, déi ëffentlech besolt sinn, sief dat an deene Spideeler, wou et dee System gëtt, oder och anerwäerts, gëllt hei am Land eng Signalementspflicht. De Code de procédure pénale verlangt a sengem Artikel 23.(2) vun all deenen, dass se Infraktiounen oder méiglech Infraktiounen musse beim Parquet denoncéieren. Dat gëtt hei am Gesetz geännert fir dëse spezifesch Fall, fir kloerzestellen, dass et wierklech d’Affer ass, wat eigentlech Här a Meeschter bleift doriwwer, wat mat deenen Donnéeë geschitt, déi et vum Rechtsmedezinner fir sech selwer anhuele gelooss huet, soudass also do de Medezinner vun där Pflicht entbonnen ass.

De Funktionement, op dee wäert, wéi gesot, d’Madamm Mutsch agoen. Mä et ass e Funktionement, dee mécht, dass d’Affer sech nëmmen eemol muss déplacéieren an dass och d’Gratuitéit hiergestallt ass. Déi Donnéeën, déi opgeholl ginn, ginn och zéng Joer laang ge-



späichert ënner enger pseudonymiséierter Form. Firwat zéng Joer? Majo dat ass bei de Criminen dee längsten Delai de prescription, dee mer bei eis kennen. An dofir hu mer och do d'Equivalenz geholl vun den zéng Joer, wat d'Durée betrëfft, während där déi Donnéeën zréckbehale ginn.

Eng Ausnam bleift awer och bestoe bei där Flicht, d'Infraktiounen ze signaléieren. Mir hu gesot, dass de Rechtsmedezinner net déi Obligation huet, ze denoncéieren. Dat ass allerdéngs net ganz richtig. Et muss ee präziséieren, dass en déi Signalementsflcht behält, wann d'Affer mannerjäreg sinn. Mir ginn also och do de mannerjäregen Affer vu Gewalt méi e grouse Schutz wéi den erwuessenen. Beim Mineur behält den Dokter d'Signalementsflcht beim Parquet. En ass nëmmen dovunner entbonnen, wann d'Affer e Majeur ass. Dat muss ee präziséieren. Mannerjäreger verdéngen do e besonneschen Schutz.

Dat gesot, Här President, wëll ech och der Rapportrice Merci soe fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport. Och der gesamter Commission juridique. An ech wëll domadder der Rescht vun der Riedezäit vun der Regierung mat der Madamm Mutsch deelen, Här President.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Gesondheetsministesch huet d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och hei ënnersträichen, dass dëst Gesetz eng grouss Wichtegkeet huet fir d'Opfer vun häuslecher Gewalt. Awer net nëmme fir d'Opfer vun häuslecher Gewalt. Et ass hei ganz richtig gesot ginn, dass mer hei enger laangjäreger - ech géif soen -, parteiwwergräifender Fuerderung vun deem Haus nokommen, awer och vu ganz villen Associatiounen, déi sech um Terrain asetze fir d'Opfer vun häuslecher Gewalt.

A mir hunn och iwwert de Comité violence, dat heescht de Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence am Regierungsrat all Joer erëm op en Neits opgrond vun deem Zuelematerial, wat mer presentéiert kréien, wat mer auswäerten, en zousätzleche Beweis fir d'Necessitéit vun esou enger Structure. An dofir sinn ech ganz frou, dass mer dat haut finaliséieren.

A wann ech dem Dokter Mertens nolauschteren, da weess ech, dass dat och vun alle Professions de santé esou gesi gëtt. An et war wichtig, dat op deser Plaz ze ënnersträichen.

Mir ginn also a Richtung vun enger mobiller Structure beim LNS. Ech wëll och rappeléieren, dass mer, fir dat heite kënnen op den Instanzen we ze bréngen, och eng Ofännerung gemaach hu vum Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwert den Exercice vum Dokteschberuff, fir et ze erméiglechen, dass eng Autorisation d'exercer la médecine légale konnt virgesi ginn. Wéi hei gesot ginn ass, ech wëll elo net bis a Kuba goen, mä wéi hei gesot ginn ass, hate mer déi Grondlag hei am Land net. An dofir hu mer och déi Viraarbecht um legislative Plang gelescht. Opgrond vun där gesetzlecher Modifikation konnten dann och zwee Médecins lé-

gistes vum LNS eng Autorisation d'exercer la médecine als spezialiséierten Dokter kréien, wouduerch déi Opferambulanz iwwerhaapt eréischt konnt fonctionnéieren.

Da gouf och iwwert dëst neit Gesetz d'Kadergesetz vum LNS ëmgeännert. Dat ass d'Gesetz vum 2012, fir dass och den LNS iwwerhaapt esou eng Dokumentatiounsunitéit, Unité de documentation médico-légale ka kréien, wou et ëm dat doten Thema geet a wou Gewalt kann dokumentéiert ginn. An dat wollt ech hei och rappeléieren, dass do alles wéi an enger Ketten aneneegegraff huet, fir dass mer dëst Instrument konnte schafen.

Ech sinn och der Meinung vun all deenen, déi dat hei betount hunn, dass mer hei e gewalttege Sprong maachen an der Diagnostik, an der Dokumentatioun vu Gewaltdoten am Besonneschen am Beräich vun der häuslecher Gewalt; e gewalttege Sprong och, wat déi wessenschaftlech Approche dovunner ubelaangt, well mir schafen hei d'Méiglechkeet, fir wessenschaftlech dokumentéiert Rapporten ze maachen, déi essenziell sinn, och fir de Parquet, fir wäertvoll Beweiser ze hunn, Elementer, déi et erméiglechen, d'Gravitéit vun enger Gewaltdot richtig an effektiv ze erfassen, d'Gravitéit ze ënnersträichen an domat och géeeegent Strofen, le moment venu, ze fuerderen, wat bis elo an där Form net méiglech war. Dat heescht, déi entsprechend Rapporten, déi do gemaach ginn, dat si ganz wichtig Piëcen.

Ech wëll hei iwwregens och ënnersträichen, dass dat eng gratis Dénegschtleeschtung ass, wat vläicht och nach muss ënnerstrach ginn.

Et geet och drëm, an et si vill Beispiller hei genannt ginn, fir d'Envergure vun der Gewalt kënnen feststellen am Kader vun enger Plainte. An domadder hunn och déi Affer, déi nach net wëllen oder nach net kënnen oder nach net de Courage hunn, fir esou eng Plainte ze maachen, trotzdem e wichtege Relais, fir déi Gewaltdoten, déi si erlieft hunn, ze dokumentéieren an duerch déi Dokumentatioun och eng Garantie ze hunn, fir iwwer zéng Joer kënnen Gebrauch dovunner ze maachen. Dat ass wierklech e gewalttege Sprong. An dowéinst sollt een dat och als solcht hei duerstellen.

D'Affer behält iwwregens och d'Maîtrise iwwert déi Dokumenter, ausser am Fall vun enger Enquête judiciaire. An ob d'Affer eng Plainte mécht oder net, dat ass dem Affer iwwerlooss. Doriwwer hu mir net ze befannen.

Et sinn hei eng Rei vu präzise Froe gestallt ginn, op déi ech wëll äntworten. D'Madamm Hemmen huet iwwert d'Partnerschaft mat de Spideeler geschwat. Dat ass tatsächlech ganz wichtig, well wann dat Gesetz hei a Kraaft trëtt, dann hu mer effektiv d'Méiglechkeet, fir mat deene véier Spideeler oder Spidolsgruppen, déi mer hei am Land hunn, déi alleguerte Partner si vun deem heite Projet, offiziell a Kontakt ze trieden a fir dann opgrond vun där Rechtssécherheet, déi mer hei schafen, Konventiounen mat hinnen auszeschaffen.

Si sinn da Partnerklinicke vun der Opferambulanz. Ech mengen, dat ass wichtig, dass een hei seet, dass all d'Klinicken abezu ginn an dass si alleguerte Partner si vun der Opferambulanz. An dann ass et natierlech och erfuoderlech, d'Klinikpersonal, dat och eng wichtig Roll herno hei spillt bei der Prise en charge, net nëmme gutt iwwert dat Gesetz ze informéieren,

ren, mä och esou ze schoulen, dass se déi Prise en charge kënnen mat ofwéckelen. Ech kommen herno nach eng Kéier kuerz dorobber zréck.

All déi, déi hei gesot hunn, dass mer musse kommunizéieren, net nëmme fir de grand Public, mä och un d'Adress vun de Leit, déi um Terrain aktiv sinn, déi hu Recht. Mir brauchen och herno eng eegen Identitéit vun deem Projet, och eng visuell Identitéit, dass dat keng Insiderinformatioun ass, dass et déi Opferambulanz do gëtt, mä dass dat wierklech eng wichtig Structure ass, op déi jiddweree kann an enger schwiereger Situatioun zréckgräifen. Dat gëtt ganz, ganz wichtig.

Firwat déi Kommunikatioun nach esou onerlässlech ass, ass, fir och eng Vernetzung ze kréie mat allen Institutiounen, déi zu Lëtzebuerg am ganz breede Sënn, am wäiteste Sënn mat Opferbetreiung oder Opferbehandlung befaasst sinn an do och eng Roll ze spillen hunn. An déi Vernetzung, déi gëllt et, direkt nodeem mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, ze verdéiwen an och ze verfeinern, well dat ass eppes ganz Wichtige, dass mir jiddweree mat an d'Boot kréien.

Et ass hei och gefrot ginn, wéini mer kënnen mam Ufank vun den Aktivitéite rechnen. Dat ass ëmmer eng kriddelech Saach, fir do e präzisen Datum ze nennen. Mä ech denken awer, dass mer nach eng kleng Virlafzäit vu maximal, wëll ech soen, fënnf bis sechs Méint brauchen. Da misst dat en place sinn. An da misst dat eis och erlaben, déi Konnexiounen, déi Vernetzungen, vun deenen ech grad geschwat hunn, déi eegen Identitéit ze kreéieren. An dat fannen ech ganz wichtig.

Bon, wéi leeft dat konkret of? Wéi huet ee sech dat virstellen, fir eben elo eng käschtefräi an - wéi soll ech et nennen? - eng gerichtsverwäertbar Sécherung vu Beweiser ze kréien? Majo, d'Opfer kënnen sech umellen an de Partnerklinicken a se kënnen dann och virstelleg ginn am LNS, mussen awer net an den LNS goen. Et ass eben eng mobill Structure. Wéi d'Wuert et seet, do ass och eng gewësse Flexibilität méiglech. Och de Rôle vun den Hausdokteren ass hei richtig ervirgestrach ginn.

Fir mech ass ganz wichtig, dass déi Rechtsmedezinner, déi eng wichtig Roll ze spillen hunn an déi och agesat goufen, fir kënnen Aarbechte ronderëm d'Opferambulanz iwwert den LNS ze leeschten, dass déi d'Opfer net selwer behandeln oder weiderféierend beroden, well soss géife mer näamlech wierklech riskéieren, dass se vläicht juristesches als befaange kéinten ugesi ginn.

Do ass anert geschoult Personal dofir do an do war hei och eng Fro gestallt ginn, ob dann dat Personal ausräichend ass, vu dass déi dräi Médecins légistes fir de Volet am LNS selwer zoustänneg ginn. Awer duerch déi Zesummenaarbecht, déi opgrond vu konkrete Konventiounen mat de Spideeler gemaach gëtt, kënnen mer och op speziell geschoult Personal an de Spideeler zréckgräifen, soudass mer à ce stade kënnen soen, fir de Projet ulafen ze loosser, misste mer genuch Leit hunn.

Allerdéngs fannen ech déi Proposition, déi hei gemaach ginn ass vun der Rapportrice, där ech fir hir exzellent Presentatioun och wëll Merci soen, eng ganz gutt a se ass och vum Justizminister opgegraff ginn, fir eng Evaluatioun ze

maachen no zwee, dräi Joer. Dat erlaabt eis zum Beispill och, déi Fro vum statistesche Material ze klären, wou ech hei wëll soen, dass mir natierlech geschlechtsneutral Formulatiounen ustriewen an och am all eisen Dokumenter hunn. Iwwregens och am Zesammenhang mat der Istanbul-Konventioun.

Mä wa mer vun Opfer vun häuslecher Gewalt schwätzen, Här President, da sinn et nun eben an der Majoritéit Fraen an et soll ee sech och net genéieren, dat hei ze soen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech menger Freed hei Ausdrock ginn, dass mer esou eng breet Zoustëmmung fir dese wichtige Projet hunn. Et ass Neiland. Et ass wichtig fir eist Land. A mir schafen domadder eng Structure, déi eng professionell Ergänzung ass, fir d'Opfer vu Gewalt richtig ze begleeten.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Minister. A mir géifen dann zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6995 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6995 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, keng Abstentiounen a keng Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet 6995 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Ech gesinn, den Här Spautz wénkt jo. Dann ass dat esou decidéiert.

Merci gesot. Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Rendez-vous muer um zwou Auer. D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.14 heures)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- M. Henri Kox, Président de séance

2. Ordre du jour
- M. Henri Kox, Président de séance
- M. Alex Bodry
- Vote sur l'ordre du jour modifié (adopté)

3. 7017 - Projet de loi portant modification de la loi du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration
- Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Yves Cruchten

- Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner
- Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7147 - Projet de loi portant modification du Code de la consommation
- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen
- Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding
- Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Dan Kersch, Ministre; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)